

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. Juni 2021

Här President,


Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Ekonomie weiderzeleeden.

An der ëffentlecher Diskussioun em d'Diddelenger Stolwierk gëtt ëmmer rëm d'Méiglechkeet vun enger Verstaatlechung an d'Spill bruecht, zu lescht am Artikel "Warum Liberty Steel nationalisiert werden sollte", deen de 5. Mee an der Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek publizéiert gouf. Nodeems d'Wierk fir d'éischt duerch eng Entscheedung vun der EU-Kommissioun an ekonomesch Schwierigkeete bruecht gouf, gëtt lo driwwer diskutéiert, d'Wierk iwwe national Mëttelen ze retten. Idealerweise géif lo en Investor dës u sech gesond Wierk iwwehuelen, mee och hei steet de Risiko vun engem Desaccord aus Bréissel am Raum. Dee wichtigste Verméigenswäert vun enger moderner Ekonomie, nämlech Vertrauen, kënnt sou ëmmer méi ënnert d'Rieder. Dat em sou méi, well aktuell keen zu Bréissel fir sou eng wäitreechend Feelentscheedung kann haftbar gemaach ginn. A menger parlamentarescher Fro Nummer 4121 hunn ech d'Regierung duerfir gefrot, wéi si sech zu enger zukünfteger Haftbarkeet vun der EU-Kommissioun analog zu enger "Responsabilité de l'Etat" also enger zivillrechtleche Haftbarkeet vun der EU-Kommissioun positionéiert, mee d'Regierung ass an hirer Äntwert op dee wichtige Punkt net agaangen.

Duerfir géif ech der Regierung nach gär des Nofro stellen:

- 1) Ass d'Regierung wëlles, besonnesch am Dossier vum Diddelenger Stolwierk, och nach zukünfteg Entscheedunge vun der EU-Kommissioun matzedroen, och wa si selwer déi Decisiounen als Feeler empfënnt an och mat dem Risiko vun engem weidere grouse Schued fir déi Lëtzebuerger Ekonomie?
- 2) Wéi eng EU-politesch Léier zitt d'Regierung aus dëser Affär? Ass d'Regierung wëlles an der Konsequenz eng international Initiative zesummen mat aneren EU Staaten ze huelen fir d'Traitéen an dem Sënn ze änneren, datt d'EU zivillrechtlech haftbar fir hir Decisiounen ka gemaach ginn?
- 3) Kéint d'Regierung sech virstellen, d'Diddelenger Stolwierk schlëmmstefalls provisoresch ze verstaatlechen, bis e privaten Investor et mat der néideger Rechtssécherheet kann iwwehuelen?

Mat déiwem Respekt,

  
Roy Reding  
Deputéierten